Léif Elteren,

Ech heeschen Iech an Äert Kand an der Spillschoul häerzlech wëllkomm.

Ech deelen Iech den Datum vun der Informatiounsversammlung an de Stonneplang schnellstméiglech mat.

Wiesselkleeder:

Schongkëscht mam **Numm**:

- 1 laang Box
- 1 kuerz Box
- 1 T-Shirt
- 1 Pullover
- 1 Ënneschtbox oder Kalzong
- 1 Puer Strëmp

Schoulsak:

- grouss genuch fir eng Jackett dran ze maachen, **keng Rullen** a mam **Numm**
- Schmierekëscht mam **Numm**
- Gedrénksfläsch mam **Numm** (bleift an der Schoul a kënnt freides mat Heem)
- Tut mam **Numm** mat engem fiichte Läppchen
- Tut mam **Numm** mam d'Bichelchen (gëtt vun der Schoul gestallt)
- bei Reen/Schnéi: Bullisbox a Bullisjackett
- bei Sonn: Kap a Sonnecrème

Schoulmaterial:

- 1 Molbuch mam **Numm**
- 1 Schiertech mam **Numm**
- 2 Boxe mat Pabeiersnuesschnappecher (z.B. Kleenex, Sublimo...)
- 2 Päck mat fiichten Dicher (z.B. Pampers, Bebino...)

De Rescht vum Schoulmaterial ginn ech fir all Kand kafen a froen Iech dann um Schoulufank Är Bedeelegung vun **30 €**.

Turnen:

Turnsak mam **Numm** (bleift an der Schoul a kënnt nëmme virun all Vakanz mat Heem):

- Turngezei mam **Numm**
- Turnschlappe mam **Numm** mat **wäisser Suel**, **keng Stréckelen!**
- Anti-Rutsch-Strëmp mam **Numm** (déi ganz Suel anti-rutsch, net nëmme vereenzelt anti-rutsch Punkten!)



Ouni Turnsaache kann Äert Kand net un der Turnstonn deelhuelen!

Schoulbibliothéik:

All Kand kann sech ënner folgende Konditiounen e Buch ausléinen:

- e Buch pro Kand
- d'Buch muss mat Respekt behandelt ginn (ee beschiedegt oder futtist Buch muss vun Iech ersat oder rembourséiert (10€) ginn)
- e Sak (mindestens A4) mam **Numm** fir den Transport vum Buch

Schwammen:

Schwammsak mam **Numm:**

- Maillot (kee Bikini!) oder Schwammbox mam **Numm**
- Schwammkap aus Silikon mam **Numm**
- Duch mam **Numm**
- Lastik a Kämmbiischt (laang Hoer)



Ouni Schwammsaache kann Äert Kand net un der Schwammstonn deelhuelen!

Vëloen:



- wann d'Wiederkonditiounen et zouloossen
- appropriéiert Kleeder a Schong
- d'Vëloen (mat/ouni Stützrieder) an d'Helmer gi vun der Schoul zur Verfügung gestallt

Bësch:

Etikett «Bësch» am Bichelche mam Datum vun der Aktivitéit

Tut mam **Numm** (kënnt all Kéier erëm mat Heem):

- Bullisjackett (gefiddert an/oder net)
- Bullisbox (gefiddert an/oder net)
- fest Schong oder Gummisstiwwelen, déi d'Kand eleng undoe kann
- Sëtzkësse mat engem Karabinerhaken
- am Wanter: Mutz, Schal, Händchen, déck Strëmp...



Gebuertsdag:



Wann Dir wëllt, datt Äert Kand säi Gebuertsdag an der Schoul feiere kann, géif ech Iech biede mir mindestens eng Woch am Viraus Bescheed ze soen.

- **dréchene** Kuch an Zerwéiten
- eventuell Käerzen
- eventuell Jus

Léif Gréiss,
Joffer Tammy THILMANY

Mailadress: **tammy.thilmany@education.lu**
Telefon an der Klass: **23 64 19 02**
Handy (fir SMS'en): **621 272 383**